Kanton Réiden Tourisme

# D'SCHLAANGE-FRA VU RIMMEL



## QUIZ-RALLYE FIR ERWUESSENER VUM TOURISTINFO VUM KANTON RÉIDEN 13.07-12.08.2024

**Nom Erfolleg vum Quiz-Rallye „Oh meng Modi – op der Sich nom Josefin" an „No um Waasser, op der Sich nom Kropemann sengem Schatz" hu mir erëm fir dëse Summer ee Quiz-Rallye organiséiert! Dës Kéier gitt Dir op d'Sich no engem verschollene Buer, wou sech de Schatz vun der Schlaange-Fra befënnt.**

*Têscht Ueschdref a Rammerich hunn emol 3 Schwësteren an dem klengen Duerf Rimmel gewunnt. Laut Soe stoungen do just 12 bis 15 Haiser. Zwou vun de Schwëstere sinn a Frankräich ausgewandert an déi drëtt huet ee schlëmmt Schicksal getraff. Si ass als Schlaang an de Buer aus dem Duerf verwënscht ginn!*

*Déi verwënschte Fra klëmmt just all 100 Joer als Schlaang aus dem Buer erop mat engem Schlëssel am Mond, deen eng courageiért Persoun mat hirem eegene Mond eraushuele muss. Nëmmen esou kann den Zauber gebrach an d'Fra ka gerett ginn. Wien dat hikritt erwaart als Merci eng Këscht mat Gold!*

*Et gëtt gemunkelt, datt scho virun 100 Joer ee Meedchen all Indizien an domat de Buer zum richtegen Zäitpunkt fonnt huet, mee sech esou virun der Gestalt vun der Schlaang erféiert huet, datt si sech net getraut huet de Schlëssel aus dem Mond ze huelen. Sou konnt d'Schlange-Fra net gerett ginn.*

Am Joer 2024 ass et dann rëm esou wäit. Déi 100 Joer sinn ëm, sou datt d'Schlaang geschwënn nees aus dem Buer mat engem gëlle Schlëssel am Mond eropkënnt. Glécklecherweis ass zäitgläich och d'Notizbuch vum couragéierte Meedchen mat all sengen Indizie opgetaucht.

Hëlleft eis d'Plaz vum eemolege Buer ze fannen an de Schatz opzemaachen.

Dir hutt 1 Mount Zäit den Indizien nozegoen.

### Spilloflaf

- Dir hutt Zäit vum 13.07 bis den 12.08 2024 den Indizien nozegoen an ënnerschiddlech Froen an den 9 Gemenge vum Kanton Réiden an der Gemeng Mäerzeg ze beäntwerten.
- Schéckt eis déi jeeweileg Äntwerten per Email eran, mir rechnen lech déi verschidde Punkten dann un. Et ass lech fräi iwwerlooss, wéi vill Froen Dir wierklech beäntwert, ma schlussendlech geet et dorëm: „wien déi meeschte Punkten huet, huet och gewonnen!"
- Bei engem Gläichstand gëtt de Präis geloust.
- All richteg Fro bréngt lech 50 Punkten.
- All Foto bréngt lech 100 Punkten.

**PRÄISSER**

**1 Iwwernuechtung am Duebelzëmmer am Green & Breakfast zu Nidderpallen mat der Formule „E-Bike Discovery Formel und Wohlbefinden" am Wäert vun 390 €**

**1 Bong fir eng klassesch guidéiert Visitt am Wëlle Westen vun 90 Minutte fir bis zu 5 Persounen**

**1 Consommatiouns-Bong am Hotel-Brasserie Péitche Lauer am Wäert vun 150 €**

**1 Corbeille vun Op der Schock am Wäert vun 80 €**

**1 Vol mam Seegelfliger am Wäert vu 40 €**

**Umeldung & Info: tourisme@kanton-reiden.lu**

KANTON RÉIDEN TOURISME

**TOURISTINFO VUM KANTON RÉIDEN**
1, am Millenhaff
L-8706 Useldange
T 28 33 45
tourisme@kanton-reiden.lu
www.visitwellewesten.lu

@visitwellewesten